

# Walkampfofkommes

## Gemengewalen & Nationalwalen 2023

### Engagement fir en sachlechen a fairen Walkampf ze féieren

D'Partei verfluchten sech, de Gemengen- a Nationalwalkampf 2023 fair a sachlech ze féieren. Dëst Engagement kënn mat folgenden Obligatiounen:

- D'Parteien an hier Kandidaten verzichten an hiren Debaten an op hiren soziale Medien op perséinlech Beleedungen an Verunglimpfungen vun anere Kandidaten
- D'Parteien an hier Kandidaten evitéieren Schmierkampagnen an déi wäsentlech Verbreedung vun Desinformatioun
- D'Parteien an hier Kandidaten verfluchten sech, organiséiert Stéierunge vu Walkampfeventer vun aneren Parteien ze ënnerloossen an dëst och net iwwert den Opdrag vun engem Drëtten duerchzuféieren
- D'Parteien an hier Kandidaten engagéieren sech d'Material (wéi Walplakater oder Gadgeten) vun anere Parteien net ze beschiedegen oder ze manipuléieren
- D'Parteien an hier Kandidaten engagéiere sech, sech vu verbalen a schrëftlechen Äusserunge vu Parteiunhänger ze distanzéieren, wann des diskriminéierend oder beleedegend Behauptungen erhiewen.
- All Kandidat, Ënnerorganisatioun, Parteiorgan a Member vun der Partei muss iwwer dëst Ofkommes informéiert ginn an opgefuerdert ginn, des Reegelen während der ganzer Period vum Walkampf ze respektéieren.
- D'Parteien erkennen un, dass Membere vun der Regierung a vun de Schafferéit evident Informatiouns- an Opklärungsflichte vis-à-vis vun de Bierger hunn an deenen an der Ausübung vun hirem Mandat zu all Moment nokomme mussen.

D'Partei riichten sech och mat engem Appell un all d'Organisatiounen, Associatiounen a Veräiner, d'Affiché vun de verschiddene Parteien ze respektéieren a maachen den Appell un eng equilibréiert Berichterstattung an de Lëtzebuerger Medien.

### Käschten- a Quantitéitsbegrenzung vun der *kommunaler Campagne*

Mam Walsonndeg vun de Gemengewalen 2023 deen op den 11 Juni 2023 fält, hunn d'Parteien en Accord fonnt fir hier offiziell politesch Walcampagne Méindes, de 15.05.2023 ze lancéieren, an d'Walkampfperiod domat op 4 Wochen ze beschränken. Walplakater a -panneauen däerfen ab Samschdes, dem 13.05.2023 opgehaangen bzw. opgestallt ginn.

D'Partei leeën sech am Beräich vun de nationale Print-Medien, der bezuelter Reklamm um Internet, bei der téléviséierter an Radio-diffuséierter Reklamm, esou wéi bei de Kinospots, op en budgetäre Kader fest, deen op 100.000€ TTC begrenzt ass. D'Käschtegrenz bezitt sech op d'Diffusioun vun der Reklamm a beinhalt net d'Produktiounskäschten. Zu dësem Budget

gehéieren och d'Käschte vu Campagnen déi vereenzelt Kandidaten op eegen Initiativ huele wéilten. Et ass hei un de Partee fir Verantwortung fir hier Kandidaten ze huelen.

„Sponsored Content“ op soziale Medien muss exklusiv iwuer Accounts mat Disclaimer gemaach ginn. D'Parteien déi dëst Walkampfofkommes matdroen hunn och eng Virbildfunktoun a punkto budgetärer Disziplin ze spillen a verzichten an deem Sënn och op Affichagen op Busser, Busarrêten, Garen an am Tram.

Fir d'Walkampfofkommes vun 2017 ze respektéieren, beschléissen d'Parteien déi groussflächeg Affichen ( > 150cm x 200cm) op 90 ze limitéieren. D'Partee leeën sech drop fest déi grouss Panneauen no der Gemengewalkampfperiod ofzeriichten.

D'Partee solle probéieren hier Gadgeten aus nohaltege Materialie produzéieren ze loossen D'Unzuel vun de Gadgete gëtt op 3 Gadgete limitéiert. D'Partei huet der 2 ze gutt. Si kann decidéieren op si selwer béid Gadgeten an Usproch hält oder een dovun hiner Jugendsektioun iwwerléisst. Des weideren ass 1 Gadget pro Sektoun virgesinn. Alimentaire Gadgets, déi net am Plastik verpaakt sinn, gi net matgezielt. D'Partee sollen och net méi op Loftball zeréckgräifen.

Am Kader vun der Mediecampagne gëtt zousätzlech festgehalten, dass d'Schäfferéit bei der Ausübung vun hirem Mandat keng bezuelte Reklammen iwuer Gemengeverwaltung akafen déi net direkt mat hiren Informatiouns- an Oplärungslichten ze dinn hunn.

### **Käschten- a Quantitéitsbegrenzung vun der nationaler Campagne**

Mam Walsonndeg vun de Nationalwahlen deem op den 8. Oktober 2023 fält, hunn d'Parteien en Accord fonnt fir hier offiziell politesch Walcampagne Méindes, *de 04.09 2023* ze lancéieren, an d'Walkampfperiod domat op 5 Wochen ze beschränken. Walplakater a -panneae vun all Gréisst dierfen ab Samschdes *dem 02.09.2023* affichéiert ginn.

D'Partee leeën sech am Beräich vun de nationale Print-Medien, der bezuelter Reklamm um Internet a bei der télévisierter an Radio-diffusierter Reklamm, esou wéi bei de Kinospots op en budgetäre Kader fest, deem op 100.000 € TTC begrenzt ass. D'Käschtegrenz bezitt sech op d'Diffusioun vun der Reklamm a beinhalt net d'Produktiounskäschten.

D'Parteien déi dëst Walkampfofkommes matdroen hunn och eng Virbildfunktoun a punkto budgetärer Disziplin ze spillen a verzichten an deem Sënn och op Affichagen op Busser, Busarrêten, Garen an am Tram. „Sponsored Content“ op soziale Medie muss exklusiv iwuer Accounts mat Disclaimer gemaach ginn.

Am Sënn vun der Nohaltegkeet, sëtzen d'Parteien sech quantitativ Limitten a qualitativ Virgaben:

- groussflächeg Affichen ( > 150cm x 200cm ) ginn op op 120 limitéiert.
- « Toutes-boîtes » ginn op maximal 2 national Verdeelungen ab dem 4. September 2023 limitéiert. Bei den Toutes-boîtes soll op FSC/PEFC-zertifizierte Pabeier zeréckgegraff ginn.

D'Partei solle probéieren hier Gadgets aus nohaltege Materialie produzéieren ze loosse. D'Unzuel vun de Gadgets gëtt op ee Bic an 2 zousätzlech Gadgets limitéiert. D'Partei kann decidéieren op si selwer béid Gadgets an Usproch hält oder een dovun hirer Jugendsektioun iwwerléisst. Alimentaire Gadgets, déi net am Plastik verpaakt sinn, gi net matgezielt. D'Parteien sollen och net méi op Loftball zeréckgräifen.

Fir béid Walen verpflichten sech d'Parteien heimat d'Transparenz ze respektéieren, andeems se hier Walkampfbilanz op hirem nächste Parteikongress oder op hirem Internetsite präsentéieren.

D'Parteien eenegen sech drop, dass politesch Konflikter duerch de fairen, politeschen Debat an net iwwer de juristesche Wee solle geléist ginn.

Mat hirer Ënnerschrëft ruffen d'Parteien all déi aner Parteien dozou op, sech dësem Accord unzeschléissen an d'Reegele fir e faire Walkampf ze respektéieren.

Am Kader vun der Mediecampagne gëtt zousätzlech festgehalten, dass Ministeren bei der Ausübung vun hirem Mandat keng bezuelte Reklammen iwwer de Ministère akafen déi net direkt mat hiren Informatiouns- an Opklärungslichten ze dinn hunn.

### **Fairness Ofkommen mam Ëmgang vu soziale Medien**

D'Partei stelle fest, dass

- d'Presenz vun Desinformatioun, Social Bots an Hate Speech um Internet iwwer dat läscht Joerzängt ëmmer méi zougeholl hunn an responsabel ass fir negativ Stëmmungsmach
- Haass an Hetz an de soziale Medien, Diffamatioun, Beleedegungen an net-fondéierte Falschbehauptungen an Ennerstellungen eis Demokratie gefärdet
- Diffamatioun net ënner Meenungsfräiheet fält
- onbequem oder kritesch Aussoen déi näischt mat Hetz, Haass, perséinleche Beleedegungen oder Diffamatioun ze dinn hunn, net weider däerfe reglementéiert ginn, well een d'Meenungs- an Informatiounsfräiheet respektéiert.

Automatiséiert Propaganda an Manipulatioun ze bedreiwen souwéi Desinformatioun ze verbreedt stellt eng Gefor fir de Meenungsbildungsprozess duer. Et gëllt Desinformatioun, Social Bots an Hate Speech ganz ze ënnerbannen

Aus dëse Grënn, verpflichten d'Parteien sech,

- net op Social Bots zeréckzegräifen
- déi bewusst Verbreedung vun Desinformatioun, falsche Behauptungen an Duerstellungen ze ënnerloossen
- perséinlech Beleedegungen an Diffamatioun ze ënnerloossen
- „Dirty Campaigning“ generell ze ënnerloossen
- hier Memberen, Ënnerorganisatiounen, Parteiorganer a Kandidaten iwwer de respektvollen Ëmgang mat de politesche Géigner, on- an offline, opzegläre

Lëtzebuerg, den 23.01.2023

**Fir d'LSAP**

**Fir d'DP**

**Fir déi Gréng**

**Fir d'CSV**

**Fir d'ADR**

**Fir déi Léng**

**Fir d'Piratepartei**

**Fir Fokus**

**Fir Volt**  
Philippe  
Schannes  
2023.01.22  
14:31:33  
+01'00'